PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.

An engem Artikel vum *100,7 "Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen"* vum 12. Juni 2022 gi verschidde Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Wärungsfong Lëtzebuerg virschléit.

Niewent luewende Wierder mécht den *IMF Country Report No. 22/152* och op verschidden Ëmstänn opmierksam, déi en als déficitaire ugeséit. Nohuelbedarf géing et zum Beispill a Saache Logement ginn. Sou faasst den Artikel vum 100,7 de Rapport vum Internationale Wärungsfong esou zesummen, dass de Wunnengsmarché zu Lëtzebuerg als "Oligopol u Konstructiounsfirmen a Landbesëtzer" beschriwwe kéint ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Deelt de Minister d'Aschätzung vum Internationale Wärungsfong, deen de Logementsmarché zu Lëtzebuerg als "Oligopol" betruecht?
    - Falls jo, empfënnt de Minister dëst als zefriddestellend oder gedenkt de Minister géint dësen Zoustand virzegoen, fir dass sech méi Ubidder um Wunnengsmarché rëmfannen? Falls jo, mat wat fir konkrete Mesuren?
    - Falls nee, wisou net?

2. Am "Bausecteur wieren d'Paien zu Lëtzebuerg net héich genuch, fir Aarbechter aus der Grenzregioun heihin ze lackelen". Gesäit de Minister hei och d'Gefor vun engem Kompetitivitéitsverloscht fir Lëtzebuerg, ganz besonnesch an dësem Secteur?
    - Falls jo, wéi gedenkt de Minister fir hei déi néideg Impulser ze setzen? Wei steet de Minister zu engem steierlechen Ureiz fir Aarbechterinnen an Aarbechter aus Bausecteur méi einfach ze logéieren?

3. "D'Employéë beim Staat a bei de Gemenge verdéngen engersäits gutt, anerersäits wëllen si natierlech och no bei hirer Aarbecht wunnen. Dat suergt fir méi ee groussen Drock op d'Demande no Wunnraum" faasst den 100,7 d'Nott vum Internationale Wärungsfong zesummen. Deelt de Minister dësen Avis?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député